

Si as och onwierksam an hirer Applikatioun, well stellt Iech emol vir wat maacht Der mat denen? A mir hu jo elo d'Beispill vun dene Véier, denen hir Evasioun bis elo nach ëmmer réussiert as. Déi haalt Der och nët dervunner zrëck mat där Proposition de loi, déi Der gemaacht hut, esou dass ech ganz gär dervun ausgin, dass den Auteur – an ech betounen et – wollt eng Partizipatioun hei maachen zu dem Dossier Prisong, mä dass awer den zoustännege Minister, an dat konnte mer feststelle bei der Visite vun der Commission juridique am Prisong, permanent hei probéiert, ausprobéiert, improviséiert. Dir kënnt Iech dat nët virstellen, an dat wat a méngen Aë wierklech dem Faass de Buedem ausgeschloen huet, dat as, dass mer op der Plaz konnten deen ominösen NATO Stacheldrot gesinn, deen a méngen Aën zimlech kleesper ausgefall as, an nët nëmmen, dass e kleesper ausgefall as, mä si hun och nët nëmmen domadder d'Prisonnéier versicht ofzeschrecken, mä zu gläicher Zäit d'Familje vun de Gardienë. Well si hun nämlech d'Wunnénge vun dene Leit mat an de Stacheldrot erageholl.

Dat muss ee sech emol kënne virstellen, dass d'Wunnénge vun de Surveillantë vun dem Schraasseger Prisong bannen am Stacheldrot leien. Dat heescht also nët nëmmen, dass een d'Leit nët ofschreckt, mä et verleet ee se derzou, an et deet mer eigentlech leed dat hei op der öffentlecher Tribün ze soen, eng Prise d'otages ze maachen. Déi Verantwortungslosegkeet muss ee sech emol kënne virstellen.

Ech muss also soen, et war ganz gutt, dass mer mat der Commission juridique dohinnegeange sin, an dass mer eis konnten iwwerzege wat do improviséiert gët, och wat den Neibau ubelaangt, an déi verschidden Trakten, déi elo solle gebaut gin. Deen neie Projet de loi iwwer den neien Ausbau vum Prisong, deen elo soll hei deposéiert gin, ech muss Iech soen, op deen Dossier do wäerte mer leider nach öfters missen zrëckkommen an et deet mer leed, den Här Mosar huet hei ganz bestëmmt eng Fläissaarbecht gemaacht, mä si dréit nët derzou bäi, d'Situatioun am Prisong ze verbessern.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** – Leschtë Riedner zu dëser Proposition de loi as den Här Jacques-Yves Henckes.

Här Henckes, Dir hut d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** – Här President, Dir Dammen an Dir Härën. Den Här Rippinger an ech ech, mir hun hei e puermol scho ganz kritesch mat der Regierung diskutéiert iwwer d'Evenementer am Prisong an et as gutt, dass d'Commission juridique ugefaangen huet iwwer de Problem ze diskutéieren. Hoffentlech wäerd dat zu konkreten a gudden Resultater féieren, well vun onser Säit aus wäerd all Initiativ, fir eng Verbesserung duerchzuféieren, ënnerstëtzt gin, par contre, menge mer awer och, dass verschidden Initiativen näischt bréngen, wa se eleng ënner déi Rubrik ze rangéiere si vun elektorale Gadgets.

An et as och dat wat hei déi Proposition de loi Mosar duerstellt. Dat as fir ze soen, dass och an der CSV gesot gët, et misst eppes gemaacht gin. A mir hun awer ablécklech eng Gesetzgebung déi seet, dass wann e Prisonnéier fortleeft an en huet Schued gemaacht, dass en deen Ablack ka weinst deem Schued do zousätzlech kondamnéiert gin. Mä mir wëssen awer ganz gutt, dass déi Proposition de loi, wéi se elo hei virläit, dei Leit déi gréisser Prisongstrofen hun iwwer 20 Jor, an et si jo justement déi déi wëlle fortlafen, weder kal nach waarm mécht, a si kucken awer fir fortzelaufen. Esou, dass ech nët mengen, dass hei eppes Wesentlech sech géng änneren wa mer deen Text hei

géngen duerchzéien. Et as also weider näischt wéi elektorale Gadgets, an dofir kënne mer deen och nët guttheeschen.

**M. le Président.** – Dëse Punkt as domat ofgeschloss. Nächste Punkt as d'Proposition de loi 4097 vun der Mme Françoise Kuffer iwwer den Zougang zu de Gebaier fir gebriechlech Leit.

Den Här Jean-Marie Halsdorf huet sech bis elo ageschriwwen.

D'Wuert huet d'Autorin vun der Proposition de loi, d'honorabel Mme Françoise Kuffer.

**10. Proposition de loi 4097 de Mme Françoise Kuffer concernant l'accessibilité des lieux pour les personnes déficientes**

**Mme Françoise Kuffer (LSAP), auteur.** – Här President, Dir Dammen an Dir Härën. Wa mer internationale Schätzunge gléwen, si ronn 10% vun der Bevëlkerung an den industrialiséierte Länner behënnert. Dat wäeren eng 40.000 Leit zu Lëtzebuerg.

Déi Zuel schéngt op den éischte Bléck vläicht iwwerdréiw. Mä wann ee weess, dass déi eler an al Leit, wa se eng Behënnerung hun, selbstverständlech an där Zuel abegraff sin a wann een da ronderëm sech kuckt, mierkt een, dass se d'Realitéit erëm spiegelt.

Mir wëssen och, dass d'Populatioun vun denen elere Leit staark wäerd weider zouhuelen an datt mer dovu mussen ausgoen, dass am Jor 2000 25% vun der Populatioun méi al wéi 60 sin. Am Jor 2030 komme mer schätzungsweis op 33%. Wann ee weess, dass mam Alter de Risiko vu Behënnerungen oder Defizienzen zouhëlt, musse mer eis drop astellen, dass Lëtzebuerg, wéi all industrialiséiert Länner, an Zukunft wäerd ëmmer méi staark mat Problemer konfrontéiert gin, déi den Handicap betreffen.

Wa mer et elo eescht menge mat der Integratioun, vun där esou vill geschwat gët, da musse mer ufänken ëmzedenken. Ech hu gesot, dass mer zu Lëtzebuerg 40.000 behënnert Leit hun. Déi Zuel kënnt engem och esou enorm vir, well een déi Leit nët begéint. Et gesäit ee se nët op der Strooss, et begéint ee se nët am Kino, nët am Bistro, nët an der Chämbre. Et gesäit ee se am Fong selen op dene Plazen, wou sech d'gesellschaftlecht Liewen ofspilt. An dat aus enger Rei vun Ursachen.

Integratioun, Här President, huet näischt mat gëllene Ghettoen ze din. Integratioun as eppes anescht. Et as ganz laang eng guttgemenge Politik bedriwwe gin, déi versicht huet, behënnert Matbürger an Institutionen ënnerzebréngen, déi speziell fir si ageriicht waren. Ech wëll domat nët soen, dass mer an Zukunft keng esou Institutionen méi brauchen. Ech wëll drop eraus, dass et och en anere Wee gët, dee mer sollten aschloen. Och dat hei huet leschtendlech eppes mat engem Choix de société ze din.

Eng reell Integratioun vun de behënnerte Matbürger an alle Beräicher, Schoul, Aarbecht, Fräizäit, Wunnen, asw. verlaangt, dass mer Barriären ofbauen. Barriären an eise Käpp virun allem. Mä et gët och aner, ganz reell Barriären, déi Behënnert vum gesellschaftleche Liewen ausschléissen.

Lëtzebuerg as cent vun denen eenzege Länner an der Unioun, dat kee Gesetz, kee Reglement huet, dat virschreift, dass Gebaier, Installatiounen, Wunnhaiser musse fir Behënnert zougänglech sin.

Dofir dës Proposition de loi, déi als Zil huet, Baunorme festzesetzen, respektiv Accessibilitéitsnormen, déi den defiziente

Persounen an denen, déi et kënne gin (duerch Alter, duerch en Akcident, asw.) – an dozou gehéiere mir all – e Maximum un Autonomie garantéieren an hinnen erlaben an hirer gewinnter Émgegengend ze bleiwen, och wann eng Behënnnung antrëtt. An deem Sënn as se och néideg, wa mer de Maintien à domicile wëlle favoriséieren.

Fir Gebaier, Installatiounen, Wunnhaiser bedeit dat ganz einfach, dass architektonesch Barrière mussen verschwannen, fir dass de behënnerte Persounen en Zougang zu alle Plaze garantéiert as an domat och en Deelhuelen un Aktivitéiten, déi sech op dene Plazen ofspillen. Si sollen esouwäit wéi méiglech en normaalt soziaalt Liewe kënne féieren. e Liewe maten an der Gesellschaft, an net enzwooch am Rand. Si sollen iwwerall do Zougang hun, wou Mënsche sech begéinen, wou se zesumme liewen, schaffen, léieren oder einfach e Patt huelen a sech ënnerhalen.

D'Integratioun vun de Behënnerten an d'Gesellschaft aplaz vun der Exklusivitéit a speziell fir si ageriichten Institutiounen, déi, esou schéin a perfekt se och sin, ëmmer un e Ghetto erënneren, muss haut Prioritéit hun. Et as och, an dat muss ee wëssen, dee méi komplizéierte Choix.

Eng wierklech Integratiounspolitik setzt viraus, dass all Effort gemaacht gin, fir dass eng behënnert Persoun ënnert normale Bedingungen a méiglechst autonom an all öffentlech Gebaier an Installatiounen erakënnst a sech do kann déplacéieren a vun alle Prestatiounen ka profitéieren, un allen Aktivitéiten kann deelhuelen.

Et as virgesinn an der Proposition, dass an Zukunft beim Bau vun neien a beim Ëmbau vu besteënden öffentleche Gebaier an Installatiounen minimal Accessibilitéitsnorme mussen respektéiert gin.

D'Baugenemegung bei neien öffentleche Gebaier gëtt nëmmen dann accordéiert, wann déi Normen an de Pläng respektéiert sin.

Dat selwecht gëlt fir gréisser Ëmbauaarbechten oder Transformatiounen bei besteënden öffentleche Gebaier. Transformatiounen, déi ënnerholl gin, speziell a mat der eenzeger Ursach, fir d'Gebai oder d'Installatioun accessibel ze maachen, solle kënne vum Stat subventionnéiert gin.

Et as evident, Här President, dass mir eng Rei vun öffentlechen Institutiounen an historiesche Gebaier ënnerbruecht hun, wou et net einfach as, eng Akzessibilitéit fir eng Persoun am Rollstull z.B. ze garantéieren. Dat gëlt fir Muséen, Administratiounen, Schoulen, et gëlt och fir d'Chamber. Et soll einfach drëm goen, e realistesch Maximum un Accessibilitéit vun öffentleche Plazen unzestriewen. Bei neie Gebaier soll een allerdings radikal virgoen a vu vireran d'Norme virschreiwen. Mir hun eng Rei vun aneren Normen, déi bei engem Bau mussen respektéiert gin, da sollt mer dat heien och maachen.

Well ech der Meinung sin, dass mer mussen ewechkomme vum Prinzip, fir Behënnerte systematesch a spezifesch fir si gebauten Institutiounen ofzeschriben, ech schwätzen net vun dene Fäll, wou et keng aner Méiglechkeet gëtt, plädéiert dës Proposition och derfir, dass an Zukunft gréisser Wunnhaiser mussen fir jiddereen zougänglech sin an datt d'Logementer an denen Haiser esou solle gebaut sin, dass minimal Transformatiounen duergin, fir dass och eng behënnert Persoun kann dora wunnen.

Et muss ee sech einfach bewusst gin, mir mierken dat net esou, mä och an engem Haus kënnen 2 cm an der Breet vun der Dir

eng Persoun am Rollstull drun hënneren, an dat Zëmmer eranzekommen. Dat as keng Affär, mä et denkt een einfach net drun, an et geet drëm fir dat ze änneren.

Fir kollektiv Wunnhaiser, déi méi wéi zwee Stäck iwwer dem Rez-de-chaussée hun, gëllen déi selwecht Regeln, wéi fir öffentlech Gebaier.

Schliisslech soll een och d'Privatleit motivéieren, et kann ee si net zwéngen, mä si sollt motivéiert gin, vu vireran handicapéiertgerecht ze bauen. Et ka jidderengem vun eis bléien, eng Kéier en Handicap ze hun, jiddereen kann eng Kéier en Elterendeel bei sech wëllen huelen, an dann as hie frou, wann d'Diren déi richtig Breet schon hun. Dofir gesäit d'Proposition hei och Subside vum Stat vir.

Ech mengen och, dass ee wierklech misst eng Opklärungscampagne maachen an déi Servicer och ënnerstëtzen an an de Vordergrund stellen, déi ee bei esou Bauprojeten beroden.

Wann et elo Leit sollt gin, déi mengen, esou eng Legislatioun wär iwwerflësseg, solle se sech einfach en Dag laang bei all hiren normalen Aktivitéiten virstellen, si séizen am Rollstull. Da mirke se ganz schnell, wivill Barriären engem Behënnerten d'Liewen an der Gesellschaft onméiglech maachen.

An dene Länner, déi esou Legislatiounen scho méi laang kennen, huet sech erweisen, dass all Aktioun am Intérêt vun de Behënnerte leschtendlech all Mënsch irgendwann a séngem Liewen zeguttkënnst a souguer d'Liewensqualitéit an de Confort vun all Mënsch verbessert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et muss einfach zu engem Reflex gin, datt bei all Bau- oder Embauprojet un déi behënnert Matbürger geduecht gëtt. Eleng dat diirft schon derzou féieren, datt mer se an Zukunft méi gesinn, déi ronn 40.000 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg mat engem Handicap liewen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** – Als éischte Riedner as den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen.

Här Halsdorf, Dir hut d'Wuert.

**M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** – Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Zu där Proposition de loi vun der Madame Kuffer iwwer d'«accessibilité des lieux pour les personnes déficientes» gëtt si eis verschidde Motiver a Grënn un.

Si seet, d'Leit gi méi al, an doduerch gëtt d'Probabilitéit, dass se Inkapazitéiten kréien, och méi grouss. Do muss also e Mentalitéitswandel kommen.

Si seet och, d'Intégration sociale vum Handicap as verlaangt, wat ganz richtig as. Dofir wëllt si eben Norme maache fir den Zougang zu Gebailechketen, fir dass d'soziaalt Liewen esou normal wéi méiglech gëtt fir déi Leit.

Si seet dann, dass dat e «maillon supplémentaire et important du maintien à domicile» as, wat ganz richtig as. Si seet, dass ee misst d'fräi Wiel hun zu de Wunnéngen.

A si seet, all Mënsch profitéiert och irgendwann vun dëse Moosnamen, well eng Kéier am Liewe kann een duerch irgendeen Handicap dovunner profitéieren.

Elo zu de verschiddenen Artikelen. Am Artikel 1 geet si an op de Bau an den Embau vu Gebaier an Installatiounen, déi de Public sollen ophuolen, an och op Logementer.

Dozou wëll ech hir awer soen, dass et an eiser Gesetzgebung schon Oplage gët iwwer öffentlech Gebaier, an zwar am Règlement grand-ducal modifié vum 13. Juni 1979 «en matière de sécurité dans la fonction publique». Do gët vun der «évaluation des risques» vun Handicapéierte geschwat, och am «plan d'évacuation». An et gët e ganz Kapitel 18 iwwer «accès et circulation des handicapés physiques». Do gët zum Beispill festgeluegt, wéi Rampe solle gebaut gin, oder et gët gesot, dass d'Raim esou no wéi méiglech musse bei de Fluchtweg oder bei den Ausgäנג sin. Also hu mer schon eppes doriwwer an eiser Gesetzgebung.

Am Artikel 2 gin d'Norme fir d'Zougäng definéiert. Do gët et och international Normen, déi vun der Kommissioun, vun der DG 5 ausgeschafft gi sin. Anscheinend sollen déi awer ganz streng sin, sou dass et ganz schwéier as, fir déi esou einfach unzuhuelen. Et gët verschidde Länner, déi se nët esou applizéieren. Dat soll och emol hei gesot sin.

Ech fannen et scho richtig, dass een esou virgeet, dass d'Recht op sozial Aktivitéite fir all Mënsch soll gläich sin, ob valid oder nët valid.

Si seet d'Transformatioun misste progressiv geschéien, wat och richtig as. Et as och nët anescht méiglech, well mer jo e Patrimoine architectural hun, deen nët einfach kann ofnotzen. Et as ganz wichteg ze wëssen, dass de Coût vun enger Transformatioun waarscheinlech ganz deier gët. Ech weess nët, ob eis Rapporterin dat weess, mä de Coût neuf geet ongeféier 10% an d'Luucht, wann Neibauten handicapéiertegerecht gebaut gin. Dat heescht, wann een e Gebai vun 3 Milliarden huet, da kascht dat 3,3 Milliarden. Dat soll een och wëssen, well dat si vill Suen.

Dat selwecht gëlt fir d'Appartementshaiser. Ech fannen et ganz richtig, dass ee bei neien Appartementshaiser vläicht kann an déi Richtung goen. Ech versti ganz schwéier, wann et zwou Etagen driwwer sin, dass een da keng Norme brauch ze verfolgen, a wann et der dräi sin, muss een der verfolgen. Dat fannen ech e bëssche komesch. Et as sécher de «libre choix» vum eenzelnen, mä et geet am Sënn an am Gescht vum «maintien à domicile». Ech géif trotzdeem mengen, et soll een do e bëssche méi nuancéiert virgoen, dat heescht, bei Neibaute vläicht méi strikt virgoë wéi bei Transformatiounen.

Dat sin d'Artikele 4 a 5.

Am Artikel 6 geet et ëm d'Eenzelwunnéngen. Et gët gesot, dass een do eventuell Subsidie soll aféieren. Do hu mer eng Gesetzgebung iwwer d'Aide au logement, wann een zum Beispill d'Dire wëllt méi grouss maachen, e Lift an en Haus oder Kichen oder Buedzëmmere maachen. Dat as de Règlement grand-ducal vum 25. Februar 1979. Do gët eng Aide proposéiert en fonction vum Revenu imposable. 1979 waren et 50%, an de Maximum war 150.000 Frang. 1991 sin et 60%, an de Maximum as 600.000 Frang. An enger parlamentarescher Ufro vun der Madame Wagener hun ech gelies, dass 12 Leit dovunner profitéiert hun am Exercice 1995, an dass den Duerchschnitt vun denen Hëllefén 281.900 Frang as.

Et kann een nach aner Hëllef kreien iwwer de Ministère de la Santé. Dat as jo och bekannt.

An deem Kontext wëll ech awer soen, dass dee Revenu imposable, dee festgehalte gin as, vill zevill déif as, an dass ganz vill Leit duerch de Kuerf falen, déi nët kënne vun denen Aiden do profitéieren. Do misst een onbedingt dee Revenu imposable upassen, well deen as e bësschen déif.

Et muss een awer soen, wann ee wëllt Politik maache fir individuell Leit, da kann dat nëmme sin iwwer d'Informatioun. Dat as d'Aufgab vun deem neie Minister «aux handicapés et aux accidentés de la vie», dat as dee richtige Wee. Dee wëllt jo eng nei Approche maachen, dee wëllt d'Hëllefén individualiséieren, dee wëllt d'Integratioun vum Handicap normaliséieren an dee wëllt och d'Solidaritéit spille loossen. Dat soll dann och optimiséiert gin am schoulesche Beräich, am Berufsliewen an am Wunnéngsberäich.

Dofir hu mer déi Cellule de coordination hei am Land, déi Info-Handicap A.s.b.l., déi déi Donnée soll zentraliséieren, kollektivéieren, fir dann déi eenzel Leit ze orientéieren. Doduerch as jo och dee Guide du handicap entstanen, dee mer schon am Land hun.

Mir wëssen och, dass mer e Programm hei am Land hun, en europäesche Programm, deen Handinet heescht. Deen hântk vum europäesche Programm Helios of. Dee funktionnéiert och.

Weider hu mer de Service pour moyens accessoires. Mir sin nët esou schlecht strukturéiert. Mir wëssen, dass mer an deem Kontext fir technesch Hëllefén, wa mer do Kreditter gin, keng Kritären hun. Fir déi individuell Hëllef muss mer natüerlech op d'Flegeversécherung waarden, fir do irdendeppes ze maachen.

Mir wëssen, dass den technesch Service, dee mer hei am Land hun, Normen huet fir verschidden technesch Gegebenheten, déi zwar ganz diskutéiert sin.

Am Artikel 7 geet d'Madame Kuffer op déi visuell international Symboler an.

Am Artikel 8 proposéiert si eng Commission de normalisation et de contrôle, fir d'Norme vum Zougank festzelee, e Genre Iwwerwaachung also. Si proposéiert, dat dem Ministère de la Santé unzuhänken. Ech géif zwar mengen, och wann den ADAP an den SMA, de Service moyens accessoires, vun der Santé ofhänken, gët awer déi gréisst Kontroll gemaacht iwwer de Ministère de la Famille. Dofir géif ech et besser fannen, wann een entweder un de Ministère de la Famille oder eventuell un de Ministère des Travaux publics esou eng Iwwerwaachungskommissioun géif unhänken.

Als Konklusioun wëll ech soen, dass eise Premierminister beim Etat de la Nation 1995 gesot huet, mir mussen e Concept global kreien an där Problematik, an zwar virum Summer 1996. Doraus soll een dann d'Konsequenzen zéien. Dee Konzept solle mer ofwaarden, och am Kontext vun eiser Flegeversécherung. Et muss ee wëssen, dass schon 1,1 Milliard am 1996er Budget fir Handicapéierter stin.

Et muss ee wëssen, dass d'Definitioun vum Handicap an dene verschiddene Gesetzestexter nët déi selwecht as. Et muss een och wëssen, dass d'Gesetzestexter nët koordinéiert sin. Do bleift also nach Aarbecht ze maachen.

Et weess een och, wéi ech scho gesot hun, dass et international Norme gët, déi sollen zur Orientéierung déngen. Da kënnt een, wann een nach abezitt, dass dat Ganz am Fong geholl e Choix de société as, Neel mat Käpp maachen an deem Beräich.

Wéi gesot, dat as eng ganz gutt Iddi, mä et kënnt een eventuell nach méi wäit goen. Dir schwätzt vun «accessibilité», mä Dir beschränkt dat op déi handicapéiert Persounen, déi defizient sin. Kann een dat nët op déi ganz Populatioun bezéien, well all Mënsch huet emol Zäiten, wou e vläicht manner Autonomie huet? Et as nët nëmme de Facteur vun der Liewenserwaardung, déi méi grouss gët, mä et sin nach aner Facteuren, déi den Zougank definéieren, zum Beispiill, ob et kleng Leit oder grouss

Leit sin, ob ee krank oder schwanger as, ob een eng Poussette oder souguer nëmmen e Caddy an der Hand huet. Dat alles huet en Impakt op den Zougank, op d'Accessibilitéit.

Dofir kennt ee vläicht soen, nët wéi am Gesetzestext steet, «des personnes déficientes», well ech fannen, dat as en negativen Term, mä et kennt ee vläicht schreiwen, «des personnes à mobilité réduite». Ech géif dat vill méi positiv fannen.

D'Accessibilité beschränkt Dir jhust op d'Bausubstanz, also op de «cadre bâti». Ech fannen, dat kennt een och op dee ganzen «espace public», also de ganzen öffentliche Raum ausdenen, zum Beispill och op e Wee am «sens le plus large du terme». Dat heescht, et mist ee wiirleech am Aménagement eng Globalpolitik maachen.

Zum finanzielle Volet wollt ech nach soen, dass ee soll iwwerpräifen, ob et nët d'Méiglechkeet gët, fir steierlech Moossnamen ze envisagéieren, fir eng Politik ze maachen. Et muss een ëmmerhi wëssen, dass de soziale Budget de Moment iwwer 42% ausmécht. Den Här Fischbach huet jo eng Circulaire ronderëmgoë gelooss am Kader vum Budget 1997, dass mer musse spueren, dass mer mussen Emschichtunge virhuelen, déi konsequent a prezis sin. Dofir soll een dat globaalt Konzept ofwaarden, fir de Coût kënnen ze evaluéieren.

Ech wëll nach eng Kéier rappeléieren, dass déi Commission de normalisation a méngen Aë besser am Ministère de la Famille oder am Ministère des Travaux publics wir wéi an der Santé. Ech géif soen, d'Problematik vun dëser Proposition de loi huet hir Noutwendegkeet, mä d'Modalitéite sollen an engem globale Kontext gesi gin.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**— D'Autorin vun der Proposition de loi, d'Madame Françoise Kuffer, huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

**Mme Françoise Kuffer (LSAP), auteur.**— Här President. Ech wollt jhust e puer Saachen äntweren op déi Remarque vum Här Halsdorf.

Fir d'éischt wollt ech soen, et mag sin, dass mir Reglementer hun, wou iwwer d'Sécherheet Rieds geet, a wou Uweisung gi gin, wéi een eng Ramp soll bauen, wann ee wëllt eng bauen. Mir geet et nët dorëm! Mir hu kee Reglement a kee Gesetz, wou Baunorme virgeschriwwen sin, wéi dat an anere Länner de Fall as.

Ech mengen, mir sin alleguer als Deputéierten dorëmmer invitéiert, mir gi Centres culturels a Schoulen aweien, an et fällt engem op, dass ëmmer nach nei Gebaier ageweit gin, déi nët accessibel si fir Handicapéierter. Et kennt souguer vir, dass Schoulen ageweit gin, déi keng Handicapéiertentoilette hun.

Wa mer also irgendzousch e Reglement oder e Gesetz hätten, da wär dat jo nët méiglech. Mir hun näisch! Wann an engem Reglement steet, wéi eng Ramp soll ausgesinn, dat geet nët duer, et muss drastoen, dass eng Ramp muss gebaut gin. Dat as ménger Meinung no awer e groussen Ennerscheid!

Wat den Här Halsdorf gesot huet vun de Privatleit, do huet hie ganz Recht. Wann een zum Beispill eng behënnert Persoun heemhëlt an et muss ee säin Haus ëmänneren, da kritt een elo schon eng Ennerstëtzung vum Stat.

Mir geet et awer drëm, dass d'Leit vu virera motivéiert gin, handicapéiertegerecht ze bauen, och wa si selwer nach nët handicapéiert sin a keen handicapéiert Kand hun, respektiv nach fit sin, dass se dann einfach schon déi 2 Zentimeter Dir weider bauen.

Wat déi zwee Stäck iwwer dem Rez-de-chaussée ugeet, wou den Här Halsdorf derno gefrot huet, do kann ee sech inspiréieren. Ech mengen, d'Belsch hun dräi Stäck, d'Fransousen hun zwee Stäck, dat as individuell verschidden. Et as mer drëm gaangen, den Ennerscheid ze maachen tëschent engem Privathaus an engem kollektive Wunnhaus, wat dann en Appartementshaus as. Dat war d'Erklärung dofir. Ech menge schon, dass dat schon eng Noutwendegkeet huet.

Ech hu jo och gesot, all Mënsch profitéiert dovun. Dat huet sech erweisen an de Länner, déi esou eng Gesetzgebung hun.

Wann een nët iwwerzeegt as, a mengt, mir hätte Reglementer an dat wär geregelt, da soll ee sech een Dag virstellen, et séiz een am Rollstull. Da miirkt een, dass mer leschtendlech nët ganz vill Gesetzgebungen op deem Terrain hun, an dass et Zäit gët, dass mer eppes maachen.

**M. le Président.**— Dee leschte Riedner as den Här Fernand Greisen.

**M. Fernand Greisen (ADR).**— Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll méng Virriednerin félicitéieren, fir dee Problem do iwwerhaupt ugepaakt ze hun. Mir vun der Fraktioun vum ADR fannen dat e ganz wichtegt Thema.

De Problem huet zwou Säiten:

— eng Kéier dee reng technesche Problem, wat d'Bauwiesen an d'Finanzen ubelaangt, an awer virun allem

— en allgemengen, mënschlech-sozialen Aspekt, wat och dee wichtigsten as.

Mir wëssen et all, d'Zäite sin eriwwer, wou déi Behënnert an hir Famill eigentlech op eng mënschenonwiirdeg Aart a Weis no Almosen hu mussen heeschen. An eisem Stat an an eiser Gesellschaft gët et awer ëmmer nach e Réckstand, wat wiirksam Moossname fir eng echt Integratioun ubelaangt.

Déi materiell Existenzsécherung as geséichert. Och wann d'sozialt Netz nach punktuell verbessert ka gin, wéi zum Beispill de Flegenoutstand, sou kënne mir hei fir méiglech Fortschrëtter an eng besser Integratioun suergen.

Et geet ëm eng Gläichstellung an alle Liewensberäicher. Kee soll méi wéinst séngem kierperlechen, geeschtegen oder physeschen Handicap diskriminéiert gin. Dat heescht,

1. déi öffentlech Aariichtungen, Bauten, mä och Verkéiers- a Kommunikatiounsmëttel mussen allgemeng zougänglech sin;

2. an der Schoul an an der Ausbildung muss d'Chancgläichheet verbessert gin, an

3. an der Aarbechtswelt besonnesch mussen nach vill Ustrengunge gemaacht gin.

Hei si keng deier Sonderléisunge gefrot, mä et muss versicht gin, bei der Ausriichtung vun de Liewensbedingungen ëmmer op all Mënsch, ob jonk, ob al, ob behënnert oder nët behënnert, opzepasst.

D'Problematik as ähnlech wéi bei der Fraëgläichstellung. Gläichstellung a Gläichbehandlung sin ze verankeren als Grondsaz, als «idée directrice».

Dësen Usproch schützt engersäits virun Diskriminatioun an as andersäits en Opdrag un de Pouvoir public, fir ze handeln.

De Verbuet vun Diskriminéierung riicht sech och un de Privatsektor, sou wäit wéi d'Liewensbedingungen do matgestalt gin.

Ech hun zum Beispill Restaurantë genannt kritt, déi mongoloid Gäscht refuséieren. Et gët Sportsanlagen a Fräizäitanlagen, wou nämme Foussgänger erakommen. Et soll och Heimer gin, déi behënnerten Insassen hir elementar Mënscherechter virenthalen.

Vill Beispiller gët et. Déi Behënnert an hir Leit wëssen do vill ze zielen. D'Sensibiliséierung vu brede Bevëlkerungskreesser as noutwendeg, fir d'Astellung vun alle Leit am richtege Sënn ze änneren. Déi Behënnert wëllen nët méi heesche goen.

Am Beräich Bau a Verkéier sin déi Behënnert ëmmer nach déi, déi froë mussen. A Schoul a Fräizäit, op der Aarbechtsplaz as et fir si ëmmer nach schwéier matmaachen ze kënnen.

Et as nët un de Behënnerten ze froen, mä zum Beispill un de responsable Leit vun den öffentleche Verkéiersmëttel, fir ze erklären, firwat dass Bus an Zuch nët vun alle Passagéier benotzt kënne gin.

Ech kommen zum techneschen Deel. Do as scho méi am Detail driwwer geschwar gin. Ech wëll als éischt soen, do feelt e ganz groussen Deel derbäi, an zwar as dat den Transport. Zuch a Bus missten an deem Gesetzprojet stoen.

Weider felen d'Servicer, zum Beispill déi elektresch Kommunikatiounsmëttel.

Wat d'Aarbechtsplaz ugeet, sou kommen an anere Länner 70% vun de Leit erëm réintégréiert op d'Aarbechtsplaz. Dat as e ganz wichtegt Thema.

Denke mer zum Beispill un den Accès an d'Châmber. Wou as do e behënnerten- oder senioregerechten Accès?

Ech wëll dann och dervir warnen, hei d'Rad nei ze erfannen, wat d'Technik ubelaangt. Aus Zäitgrënn kann ech Iech nët am Detail virlesen, wat et do gët. Zum Beispill déi däitsch Virschreften, do huet 1992 de Bundestag ee Gesetz gestëmmt, wat exemplaresch as.

Virdrun as hei gesot gin, dass scho sektoriell verschidde Reglementer géife bestoen an der Technik. D'Inspection du Travail et des Mines bekëmmert sech drëm, wat d'Liften ubelaangt, d'Fonction publique, wat d'Sécherheet ubelaangt. E Problem Koordinatioun besteet do op alle Fall nach.

Zum Schluss wëll ech soen, et feelt nach un zwee Punkten. Vlächicht kënnt een an dat Gesetz hei zwee zousätzlech Artikeler bäifügen:

1. Dat sin, wéi scho gesot, déi dräi Themen, déi op der technescher Säit felen, nämlech Transport, Service an Aarbechtsplaz.

2. Dat as virun allem déi méi mënschlech Iddi, déi bei deem Ganzen as. A firwat do nët e prinzipiellen Artikel afügen, dee kënnt heeschen: Keen däerf wéinst sénger Behënnertung diskriminéiert gin. Et kënnt e Règlement grand-ducal suerge fir d'Gläichstellung vun de Behënnerten, virun allem an de Schoulen, an der Ausbildung, op der Aarbechtsplaz, am Verkéier, bei de Kommunikatiounen a beim Wunnen.

Et kënnt e Règlement grand-ducal Moossname virgesi fir d'Besäitegung vun de bestehende Benodelegungen, wéi den Zougank zu Bauten, Anlagen, beim Benotze vun öffentlechen Ariichtungen an esou weider.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**— Domadder wir och dese Punkt ofgeschloss. Mir sin um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Déi dräi nach opstoend Propositions de loi gin an enger nächster Sitzung behandelt, déi nach vum Bureau festgeluegt gët.

Mar fänke mer ëm 14.30 Auer u mat der Aktualitéitsdebatt iwwer d'Maternité.

D'Madame Brasseur freet nach d'Wuert.

**Mme Anne Brasseur (DP).**— Hun ech richtig verstanen, Här President, dass déi Punkten elo ausgesat sin an och nët méi des Woch behandelt gin? As dat Är Proposition?

**M. le Président.**— Wa mar um Enn vun där Aktualitéitsdebatt nach Zäit as, da géinge mer déi Punkte selbstverständlech nach mat bäihuelen.

**Mme Anne Brasseur (DP).**— Et as nët dru geduecht, fir d'éischt d'Propositions de loi ze huelen, an dann d'Aktualitéitsdebatt ze féieren?

**M. le Président.**— Neen, sou as dat nët geduecht. Dat war esou annoncéiert an där Reienfolg, an da wëlle mer dat och nët änneren.

**Mme Anne Brasseur (DP).**— Här President. Ech wëll Iech och soen, dass annoncéiert wor, dass d'Propositions de loi haut all druckéimen.

**M. le Président.**— Jo, mä et huet keen dermat gerechent, dass d'Sitzung sech esou an d'Längt géing zéien, an dass de Mëtteg eleng déi Questions avec débat esou laang géifen daueren. Wéi gesot, mat 100%eger Sécherheet kann een dat ni virausesinn.

Dir Dammen an Dir Hären. Domadder wir d'Sitzung opgehewen.

*(Fin de la séance publique à 18.32 heures)*